Propaganda – 13.12.2018

Zeitungen, Internet, Musek a Filmer – kuerz gesot Medien – sinn ee groussen Deel vun eisem Liewen. Si hunn deemno och ee groussen Afloss, ob dat, wat eis interesséiert, wat eis wichteg ass – a virun allem, wéi mir eis Meenung bilden. Dësen Afloss kann awer och geziilt genotzt a manipuléiert ginn. Da schwätzt ee meeschtens vu Propaganda.

Wat ass also genee Propaganda?

Propaganda kënnt, wéi sou oft, aus dem Laténgeschen. *Propagare* bedeit ausbreeden, verbreeden. Propaganda ass deemno de Versuch, geziilt a systematesch d'Denken, d'Handelen an d'Fille vun de Mënschen ze beaflossen, duerch d'Verbreede vu bestëmmten Informatiounen.

Et geet drëm, Mënsche vu politeschen Iddien z'iwwerzeegen, déi eege Meenung duerchzesetzen an eng gewësse Weltsiicht z'etabléieren. Dofir ginn et verschidde Mëttel: just bestëmmt Informatioune verbreeden, eng gewësse Meenung méi ervirhiewen, oder souguer Fakte manipuléieren. Zil ass et, déi ëffentlech Meenung ze beaflossen, fir politesch Muecht ze kréien, oder ze behalen.

Am Prinzip funktionéiert Propaganda wéi Reklamm, nëmmen ebe meeschtens mat enger politescher Funktioun. Dat heescht awer nach net, dass all Bäiträg zur Politik, z.B. an der Zeitung, oder d'Kommunikatioun vun engem Ministère, Propaganda ass.

Meeschtens benotzt een dësen Terme eréischt dann, wann et ee gréissert Ausmooss u Falschinformatiounen a bewosster Täuschung gëtt. Dacks héiert een d'Wuert, wa vun Diktaturen oder autokratesche Regimmer geschwat gëtt.

Virum a wärend dem 2. Weltkrich gouf Propaganda vill ënnert den Nazien agesat. D'Zil war et, dass d'Bevëlkerung d'Verfolgung an de Mord un z.B. jüddesche Matbierger acceptéiert. Am Nationalsozialismus, gouf et souguer ee Ministère, deen nëmme fir Propaganda verantwortlech war.

(Wanns du méi iwwer déi Diktature wësse wëlls, fënns du eise Podcast dozou op zpb.lu.)

Propaganda gëtt oft dann agesat, wann et ëm Krich geet. D'Bevëlkerung muss fir eppes iwwerzeegt ginn, wat negativ Konsequenze fir d'Leit huet. Zum Beispill kënnen duerch Propaganda de Friemenhaass gestäerkt ginn oder Aktioune géint eenzel Bevëlkerungsgruppen oder streng Iwwerwaachung gerechtfäerdegt ginn.

Fir Propaganda ze verhënneren, ginn et Regelen, déi sech Parteie kënne ginn, fir wéinstens am Wahlkampf fair ze sinn. Och d'Onofhängegkeet vun der Press an de Medien ass wichteg fir ze verhënneren, dass Muecht mëssbraucht gëtt.